**Gemeinsam Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, Medien- a Kommunikatiounsminister a vun dem Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n°4560 vum 25. Juni 2021 vun dem honorabelen Här Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert dem Aussen- an Europaminister séng Aussoen an engem Interview vum 22. Juni 2021 op RTL Télé.**

**Zur Fro 1:**

Nee.

**Zu de Froen 2 - 6:**

D'Grondwäerter vun der Europäescher Unioun sinn am Artikel 2 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun festgehalen: "L'Union est fondée sur les valeurs de respect de la dignité humaine, de liberté, de démocratie, d'égalité, de l'État de droit, ainsi que de respect des droits de l'homme, y compris des droits des personnes appartenant à des minorités. Ces valeurs sont communes aux États membres dans une société caractérisée par le pluralisme, la non-discrimination, la tolérance, la justice, la solidarité et l'égalité entre les femmes et les hommes."

D'Lëtzebuerger Regierung steet ouni Ofstrécher zu deene Wäerter a setzt sech fir hir Verteidegung an, ganz onofhängeg dovun, ob si duerch eng Organisatioun oder eng aner Regierung ënner Drock geroden.

Dem Aussen- an Europaminister séng Aussoen an deem ugeschwaten Interview sinn Ausdrock vun dëser Positioun.